



## D'Engagement bei de CaraPio

### 1) Wat ass d'Engagement ?

D'Engagement ass wéi an all Branche och bei de CaraPio eng bedeitend Etapp vum perséinleche Fortschrétt. Et ass e wichtegen Akt, deen eng Richtung däitlech mécht, déi de CaraPio am Liewen aschléit. Andeems hien säin Engagement ofleet, weist hien, datt hien sech mat de Prinzipie vum Scoutissem/Guidissem ausernee gesat huet a sech vis-à-vis vun hinne positionéiert. Och wann dee Jonke seng Zukunft net kennt, engagéiert hien sech zu bestëmmten Haltungen, mat deenen hien seng Zukunft wëllt ugoen.

D'Roll vum Chef/der Cheftaine ass et, mam eenzelne CaraPio eng éierlech an oppen Aussprooch ze hunn iwver dat wat d'Engagement him selwer bedeit. Hien/Si kann dem CaraPio aus eegener Erfahrung soen, datt d'Engagement eng Richtung ass, déi een op der Kräizung vun engem laange Wee aschléit. D'Tatsach, datt een aner Leit op deem Wee begéint, déi mam Engagement gutt fueren, weist, datt een de richtege Wee aschléit.

### 2) Wéini hëlt de CaraPio säin Engagement ?

D'Engagement soll dem CaraPio um Enn vum éischte Joer an der Branche vun de Chef/taine proposéiert ginn. D'Entscheidung, fir d'Engagement ze maachen, läit awer beim CaraPio selwer.

Eng gutt Geleeënheet ass ëmmer de Päischt- oder Summercamp. Awer och en eegene Weekend oder eng Sortie kënnen ee flotte Kader fir eng Engagementsfeier bidden.

### 3) D'Symbolik vum Engagement



D'**Hand** symboliséiert :

- wéi an all Branche: eng bestëmmte Richtung, déi ageschloe gëtt
- d'Guide-/Scoutsengagement :
  - ✓ déi dräi no uewe geriichte Finger symboliséieren déi dräi Prinzipie vum BiPi (duty to ourselves, duty to the others, duty to God), déi och am LGS-Engagementstext festgehale sinn
  - ✓ den Daum um kleng Finger symboliséiert, datt dee Staarken deem Schwaachen hëlleft
- dee Geste, deem d'Carapio während hirem Engagement maachen

Déi **rout Faarf** symboliséiert :

- d'Branche Carapio
- den Asaz « mat Feier a Flam »

Déi **wäiss Faarf** symboliséiert :

- Rengheet an Oprichtegkeet

## 4) Wéi soll d'Engagement gemaach ginn ?

### D'Virbereedung :

Tëschend der Propos, d'Engagement ze maachen an där eigentlecher Engagementsfeier solle wéinstens e puer Deeg leien, fir datt de Carapio sech ka mat deem wichtege perséinleche Schrëtt ausernee setzen.

Wichtig am Hibleck op d'Engagement ass e perséinlecht Gespréich tëscht dem Chef/der Cheftaine an engem oder méi Carapio (wat méi e kleng Grupp, ëmsou besser) iwwert de Sënn vum Engagement an dem Engagementstext mat sengen dräi Grondsätz (Verantwortung vis-à-vis vu sech selwer, Verantwortung vis-à-vis vum aneren an der Ëmwelt, Verantwortung vis-à-vis vu Gott) an dem Guide-/Scoutsgesetz.

### **D'Guide-/Scoutsengagement**

Ech engagéiere mech,  
mäi Liewe sënnvoll ze gestalten a  
Verantwortung ze iwwerhuelen,

meng Ëmwelt ze respektéieren a  
mech fir Fridden a Gerechtegkeet anzesetzen,

mech dobäi u Jesus Christus ze orientéieren an  
nom Guide-/Scoutsgesetz ze liewen.

## D'Guide-/Scoutsgesetz

Eng Guide/ E Scout :

1. ass zuverlässig
2. ass éierlech a fair
3. ass bereet ze hëllef
4. ass gutt zu all Mënsch
5. mécht den éischte Schrëtt a setzt sech a fir Gerechtegkeet
6. respektéiert d'Liewen an all senger Formen
7. kann nolauscheren a Kritik erdroen
8. huet eng positiv Liewensstellung
9. ka sech organiséieren a mécht näischt hallef
10. hält sech kierperlech a geeschteg gesond

De CaraPio soll den offiziellen Engagementstext als Richtlinn benotzen, fir säi perséinleche Standpunkt zu deenen dräi Punkten ze fannen. Op Grond vu senger Situatioun soll hie säi perséinlechen Text dozou schreiwen an dobäi roueg konkret Aspekter festhalen.

Dës puer Froen kënnen beim Gespréich evtl. hëllef:

- *Wat heescht fir mech Verantwortung ze iwwerhuelen?*
- *Fir wat wëll ech mech besonnesch asetzen?*
- *Wat bedeierte mir Jesus Christus an d'Guide-/Scoutsgesetz?*

De CaraPio soll roueg kënnen e perséinlechen Text, e Lidd asw. eraussichen, deen/dat eng wichteg Iddi vun him ausdréckt.

Et ass wichteg, datt de CaraPio sech mam Engagementstext ausernee gesat huet, fir datt hie bei der Feier en authentesch, perséinlecht Versprieche kann ofleeën. Wann hie mat engem Punkt Schwierigkeeten huet, soll hien

dat äusseren an a senger Wieder kënnen soen. Et ass besser, de CaraPio léisst eppes ewech, wéi datt hien eppes versprécht, wou hien net dohannert steet. Ee CaraPio, deen sech senger Saach net sécher ass, ka säin Engagement ëmmer nach spéider maachen.

## D'Engagementsfeier:

De Kader vun där Feier ass ganz wichteg. Amplaz vun enger normaler Versammlung ass éischer e Lagerfeier owes um Camp oder e Sonnenënnergang um Bierg ubruecht, fir aus dëser wichteger Etapp am Liewe vum CaraPio een Erleefnes ze maachen, un dat hie sech och spéider nach gär erënnert. D'Verspriechensfeier kann och an eng Veillée oder an e Gottesdénsgest agebaut ginn.

Méiglech Etappe vum eigentleche Verspriechen:

- een Text iwwer de Sënn vum Verspriechen (z.B. aus dem LGS-Dossier "Paddel däi Kanu" S.44-46)
- d'Ziler vum Scoutissem/ Guidissem an/oder d'LGS-Gesetz
- all CaraPio dréit mat erhuewener Hand säi perséinlecht Engagement (mat senger konkreten Aspekter) vir
- duerno kritt hie vum Truppechef d'Ofzeechen iwwerrecht a reecht evtl. all eenzelne CaraPio seng

- lénks Hand: dëst  
ënnersträicht, datt een  
deem anere vun Häerze  
beim Engagement hëlleft
- e festleche, gemittlechen  
Ofschloss

### **5) *Wouhi gëtt d'Engagementsofzeeche gebitzt?***

D'Engagement kënnt an d'Mëtt vun  
der rietser Täsche vun der Uniform.  
D'Hand weist no uewen.